

Lëtzebuerg, den 29 juillet 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportsminister weiderzeleeden:

„ Wéi aus engem offizielle Bréifervirgeet an dono och vun der Presse opgeworf gouf, krute Leit déi an de centres de formation vun der Lëtzebuenger Sportswelt engagéiert sinn iwwert Méint ewech keng Sue fir hir geleeschte Prestatiounen. Dëst well anscheinend eng nei Interpretatioun vun engem arrêté gouvernemental, dee séit méi wéi 20 Joer aktiv ass, vum Sportsministère gemaach gouf.

An deem Kader wollte mir dem Här Sportsminister folgend Froe stellen:

- 1. Wéi genee ass d'Prozedur an den Oflaf bis elo gewiescht fir dass déi Suen déi an de centres de formation vun de Sportverbänn vun Trainer a Physiotherapeute geleescht ginn och bei de betroffenen Acteuren ukoumen ?*
- 2. Wat war an der Vergaangenheet d'Liesart a wat genee ass elo déi nei Interpretatioun vum arrêté gouvernemental ?*
- 3. Sinn déi Responsabel vum Sportlycée, de Sportverbänn an dem COSL iwwert déi nei Interpretatioun informéiert ginn ?*
- 4. Säit wéini gouf déi nei Interpretatioun applizéiert? Wéi vill Leit sinn/ware vun der neier Interpretatioun concernéiert ? Si méttlerweil all Prestatiounen déi geleescht gi sinn och ausbezuelet ginn ?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

5. *Wéi ka séchergestallt ginn, dass déi betraffe Leit hir Prestatiounen an Zukunft och sécher bezuelt kréien?*
6. *Denkt de Minister drun eng ganz nei gesetzlech Basis fir d'Zukunft ze schafen?*
7. *Wa jo, wat gëtt envisagéiert? Ginn de COSL an aner Gremien aus der Sportswelt mat abezu fir dass méiglechst vill Informatiounen aus der Praxis vun der Sportswelt direkt consultéiert ginn a sech Probleemer esou evitéiere loossen?“*

Mat déiwem Respekt,



Claude LAMBERTY
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert